N°1707
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1707 vum 23. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wäert et zu Lëtzebuerg fir Patient:inne wierklech méiglech ginn, fir effektiv een Traitement mat Lecembi ze kréien, obwuel déi virgeschriwwe Kontrollen am IRM an der Realitéit opgrond vun den aktuelle Waardezäite ganz schwéier kéinte ginn?*

Laut den Donnéeë vum Nationale Gesondheetsobservatoire goufen 2023, 75,8 % vun den IRM-Examen zu Lëtzebuerg bannent enger Frist vu 60 Deeg no der Prise de Rendez-vous duerchgefouert, dovunner ongeféier 20 % bannent 15 Deeg. Dëst weist, datt, ofhängeg vun der klinescher Prioritéit, d'IRM-Examen an Delaie tëschent 15 Deeg an 2 Méint ze kréie sinn. Am Kader vum suivi médical, dee misst en place gesat ginn bei enger Leqembi Verschreiwung, an dee laut éischten Erfahrungswäerter och reegelméisseg IRM Examene géif beinhalten, misst natierlech deementspriechend d'Disponibilitéit vun den IRM Kapazitéiten iwwerpréift an adaptéiert ginn. Den M3S mécht do, wéi änner 2. beschriwwen, iwwer d'Direktioun vun der Santé de Suivi an enker Zesummenaarbecht mat der EMA[1].

*2. Gouf eng Strategie ausgeschafft, mat där déi virgeschriwwe 4 Kontrollen am IRM fir Patient:innen, déi an engem Traitement mat Lecembi sinn, méiglech gemaach soll ginn? Wa nee, firwat gëtt et heifir keng Strategie?*

D'Medikament Leqembi huet nach keng Autorisation de mise sur le marché (AMM) an Europa, an d'Recommandatioune fir seng Notzung (inklusiv Precautiounen an de klineschen a radiologesche Suivi) si nach net komplett bekannt. Dës Donnéeë wäerten net nëmmen d'Frequenz an d'Aart vun den néidegen Examen definéieren, mee och d'Krittäre fir d'Eligibilitéit vun de Patienten.

Déi national Gesondheetsautoritéiten a besonnesch d'Division de la pharmacie et des médicaments an der Gesondheetsdirektioun stinn an enkem Kontakt mat der EMA fir zäitno ëmmer déi neisten Informatiounen zur Entwécklung vun dësem Dossier ze kréien an ggf prett ze sinn fir och zu Lëtzebuerg dëst villverspriechend Medikament an deem néidegen medezineschen Kader z'offréieren.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] Leqembi | European Medicines Agency (EMA)